



SÉANCE 5

MERCREDI,
5 NOVEMBRE 2014

Présidence: M. Mars Di Bartolomeo, Président • Mme Simone Beissel, Vice-Présidente

Sommaire

1. Ouverture de la séance publique

- M. Mars Di Bartolomeo, Président

2. 6668 - Projet de loi portant modification

1) de la loi modifiée du 21 juin 2005 transposant en droit luxembourgeois la directive 2003/48/CE du 3 juin 2003 du Conseil de l'Union européenne en matière de fiscalité des revenus de l'épargne sous forme de paiement d'intérêts;

2) de la loi modifiée du 23 décembre 2005 portant introduction d'une retenue à la source libératoire sur certains intérêts produits par l'épargne mobilière;

3) de la loi du 21 juin 2005 portant approbation des Accords conclus avec des territoires dépendants ou associés d'Etats membres de l'Union européenne relatifs à la fiscalité des revenus de l'épargne sous forme de paiements d'intérêts (suite)

- Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

3. 6706 - Projet de loi portant modification

- de la loi modifiée du 16 octobre 1934 sur l'évaluation des biens et valeurs;

- de la loi modifiée du 16 octobre 1934 concernant l'impôt sur la fortune;

- de la loi modifiée du 27 novembre 1933 concernant le recouvrement des contributions directes, des droits d'accise sur l'eau-de-vie et des cotisations d'assurance sociale;

- de la loi modifiée du 22 décembre 1951 portant prorogation du délai de prescription de certains impôts directs et précision des conditions dans lesquelles les prescriptions fiscales peuvent être interrompues (suite)

- Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

4. Déclaration sur la politique de coopération au développement et de l'action humanitaire de M. Romain Schneider, Ministre de la Coopération et de l'Action humanitaire (suivie d'un débat)

- Déclaration: M. Romain Schneider, Ministre de la Coopération et de l'Action humanitaire

- Débat: Mme Nancy Arendt, M. Marc Angel, M. Gusty Graas (Mme Nancy Arendt intervient), M. Claude Adam, M. Fernand Kartheiser, M. Serge Urbany (M. Marc Angel intervient)

- Prise de position du Gouvernement: M. Romain Schneider, Ministre de la Coopération et de l'Action humanitaire (M. Marcel Oberweis pose une question)

Au banc du Gouvernement se trouvent: MM. Jean Asselborn, Romain Schneider, Pierre Gramegna, Mmes Lydia Mutsch et Carole Dieschbourg, Ministres.

(Début de la séance publique à 14.01 heures)

1. Ouverture de la séance publique

► **M. Mars Di Bartolomeo**, Président.- E schéine gudde Mëttig. Ech maachen d'Sétzung offiziell op. Huet d'Regierung eng Kommunikatioun ze maachen?

► **M. Jean Asselborn**, Ministre des Affaires étrangères et européennes.- Neen, Här President.

► **M. Mars Di Bartolomeo**, Président.- Merci, Här Ausseminister. Dat ass net de Fall.

Da gi mer direkt zu eisem normalen Ordre du jour iwwer. Gëschter Owend hu mer d'Debatten iwwert déi zwee Projets de loi 6668 a 6706 ofgeschloss a mir haten zesummen décidéiert, dass mer direkt am Ufank vun der Sëtzung géien iwwert déi zwee Projeten ofstëmmen.

2. 6668 - Projet de loi portant modification

1) de la loi modifiée du 21 juin 2005 transposant en droit luxembourgeois la directive 2003/48/CE du 3 juin 2003 du Conseil de l'Union européenne en matière de fiscalité des revenus de l'épargne sous forme de paiement d'intérêts;

2) de la loi modifiée du 23 décembre 2005 portant introduction d'une retenue à la source libératoire sur certains intérêts produits par l'épargne mobilière;

3) de la loi du 21 juin 2005 portant approbation des Accords conclus avec des territoires dépendants ou associés d'Etats membres de l'Union européenne relatifs à la fiscalité des

revenus de l'épargne sous forme de paiements d'intérêts (suite)

Den Text vum Projet 6668 stet am Document parlementaire 6668⁸, an ech géif lech proposéieren, direkt zur Ofstëmmung iwwerzegoen.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 6668 et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmmung fänkt un. Déi perséinlech Stëmmen, dann d'Procuratiounen.

(Interruption)

Dat ass net schlëmm. Mir schreiwen déi, déi feelen, derbäi.

D'Ofstëmmung ass eriwwer.

57 Deputéiert hunn um Vote deelgeholl, 54-mol Jo, 3-mol Nee a keng Abstentiounen. An déi Kolleegen, déi sech net erëmfannen, sinn da gebieden, sech nach ze mellen. Den Här Angel mat Jo, den Här Haagen mat Jo an d'Madame Beissel mat Jo. Sou, da si mer bei 60 Deputéierten, da misst dat klappen.

(Brouhaha)

Also ech gesinn, d'Zoustëmmung ass ganz grouss.

(Hilarité)

Résultat définitif après redressement: le projet de loi 6668 est adopté par 57 voix pour et 3 voix contre.

Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kae, Marc Lies, Mme Martine Mergen, M. Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank (par Mme Nancy Arendt), Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler, Michel Wolter et Laurent Zeimet;

MM. Marc Angel, Frank Arndt, Alex Bodry, Mmes Taina Bofferding, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol (par Mme Tess Burton), MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur, M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer;

MM. Claude Adam, Gérard Anzia, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter et M. Roberto Traversini;

MM. Justin Turpel et Serge Urbany.

Ont voté non: MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding (par M. Gast Gibéryen).

Da bleibt mer nach just ze froen - et ass jo dann eigentlech eng Formalitéit, bei deem Wahlresultat -, ob d'Chamber bereet ass, d'Dispens vum zweete verfassungsméissege Vote ze ginn.

(Assentiment)

Da soen ech lech Merci. Dann ass dat esou décidéiert.

3. 6706 - Projet de loi portant modification

- de la loi modifiée du 16 octobre 1934 sur l'évaluation des biens et valeurs;

- de la loi modifiée du 16 octobre 1934 concernant l'impôt sur la fortune;

- de la loi modifiée du 27 novembre 1933 concernant le recouvrement des contributions directes, des droits d'accise sur l'eau-de-vie et des cotisations d'assurance sociale;

- de la loi modifiée du 22 décembre 1951 portant prorogation du délai de prescription de certains impôts directs et précision des conditions dans lesquelles les prescriptions fiscales peuvent être interrompues (suite)

A mir géifen dann zur Ofstëmmung iwwerzegoen iwwert de Projet de loi 6706.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 6706 et dispense du second vote constitutionnel

An d'Ofstëmmung géif och direkt ufänken. De Vote ass lancéiert. D'Procuratiounen. An d'Ofstëmmung ass ofgeschloss.

59 Deputéiert hunn um Vote deelgeholl, 57-mol Jo an zwou Abstentiounen.

Résultat définitif après redressement: le projet de loi 6706 est adopté par 58 voix pour et 2 abstentions.

Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kae, Marc Lies, Mme Martine Mergen, M. Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank (par Mme Nancy Arendt), Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler, Michel Wolter et Laurent Zeimet;

MM. Marc Angel, Frank Arndt, Alex Bodry, Mmes Taina Bofferding, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol (par Mme Tess Burton), MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur, M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer;

MM. Claude Adam, Gérard Anzia, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter et M. Roberto Traversini;

MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding.

Se sont abstenu: MM. Justin Turpel et Serge Urbany.

An ech ginn dervun aus, dass déi Abstentiounen gëschter motivéiert waren.

De Projet ass also adoptéert an ech géif lech froen, ob Der bereet sidd, d'Dispens vum zweete verfassungsméissege Vote ze ginn.

(Assentiment)

Dat ass de Fall. Da soen ech lech villmools Merci.

Mir géifen dann zum nächste Punkt vum Ordre du jour iwwerzegoen. De Mëtte présentiert den Här Kooperationsminister, de Romain Schneider, eng Deklaratioun iwwert d'Aide au développement. Uschléissend féiert d'Chamber déi Debatt iwwert d'Deklaratioun. Et ass nach Zäit, fir sech anzuschreiben. An den Här Kooperationsminister huet direkt d'Wuert. Här Schneider.

4. Déclaration sur la politique de coopération au développement et de l'action humanitaire de M. Romain Schneider, Ministre de la Coopération et de l'Action humanitaire (suivie d'un débat)

► **M. Romain Schneider**, Ministre de la Coopération et de l'Action humanitaire.- Merci, Här President. Här Deputéiert, Exzellenzen, Kolleginnen a Kollege Ministeren, Dir Dammen an Dir Hären, et ass émmer erëm wichteg ze énnersträichen, firwat dass mir zu Lëtzebuerg Entwécklungshélf an humanitar Hélfel als e wichtige Bestandteil vun der Lëtzebuergers Aussepolitik gesinn a firwat dass all Euro an dëse Politiken en Investissement fir d'Zukunft vun eis all ass.

Déi aktuell dramatesch Ebola-Kris a Westafrika schéngt mer leider eng traureg Illustratioun ze si vun all deem, wat humanitar Hélfel an Entwécklungshélf maache missten. Et ass och e Beispill, wat eis virun Ae bréngt, wat et heesch, an enger globaler Welt ze liewen, mat all senge Konsequenzen. Ebola ass ausgebrach a Länner, wou et kaum e funktionelle Gesondheetssecteur gëtt. Aarmut a Biergerkrich hu gemaach, dass et wéineg Doktere ginn a wéineg geschoultent Personal a Kliniken ass an dass et quasi un allem feelt. D'Leit können oft net an d'Schoul goen an hunn net dat Elementarwësssen, wat hinne vläicht kéint hellefen, mat der Krankheet émzegoen. 10.000 Leit si bis elo vun der Krankheet beträff, souwàt mir wëssen. D'Halschent dovnner, also ém déi 5.000, si bis elo gestuerwen.

Aus enger Gesondheetskris entsteet elo fir eng ganz Regionen eng Ernährungskris. D'lesswuere gi rar an deier, d'Felder ginn net ugebaut, den Handel fält zesummen, d'Investore lafe fort. Demokratesch Prozesser, déi amgaang ware Fouss ze faassen, kommen an d'Wanken. A wéi émmer a Krisen, wann e Stat schwach ass, ginn et leider och däer, déi dovnner profitiéieren. Dat ass den Nährbuedem fir Traficker vun allen Zorten, fir grouss Kriminalitéit a fir Extremismen. Deeler vu Westafrika verléiere Fouss virun eisen Aen an d'international Gemeinschaft weess net méi wouusetzen, fir ze hellefen. D'Zukunft vun däer ganzer Region ass domat a Fro gestallt. Eis Partnerläänner, wéi zum Beispill de Mali, kréien domat nach eng Kéier weider Eraisfuerderungen ze meeschteren an engem schonns komplizéierten Émfeld.

Säit Mäerz schonns gëtt Lëtzebuerg humanitar Hélfel an der Ebola-Kris iwwert d'Akteuren, déi den Terrain kennen. Dat si souwuel internationale Agencë wéi d'Weltgesondheetsorganisationen, oder ONGe wéi Médecins sans frontières. Si handelen an der Urgence a fannen eng desolat sanitär Situationen an dëse Länner, wou den Développement batter gefeelt huet.

Wann Aarmut an Énnerentwécklung net déi richtig Äntwert kréien, an dat zurzäit, dann ass dat net némmer dramatesch fir déi Leit an dëse Länner, mä et huet een Effekt op d'Regioun, fir Zukunftsperpektiven an op eis all.

Aarmut an Énnerentwécklung si kloer global Eraisfuerderungen, op déi mir all äntwerte mussen, och Lëtzebuerg. Entwécklungshélf an humanitar Hélfel sinn dofir net e Luxus, deen ee sech leescht, wann et engem gutt geet, mä et ass en Deel vun der globaler Responsabilitéit, déi mir allegueren ze droen hinn. Humanitar Moyene können an der Urgence hellefen, am Iwwergank oder an der Prevention, a sinn dem Prinzip vum internationalen humanitaire Recht énnerluecht. Hinne muss awer eng méi laangfristeg Entwécklungshélf folgen, fir dass Strukturen entstinn, déi vun de Leit gedroe ginn an déi nohalteg Land a Leit selbststänneg weiderbréngen.

De Premierminister huet a senger Ried virun dëser Chamber de 14. Oktober nach eng Kéier ganz kloer bestätigt, dass Lëtzebuerg sech senger globaler Verantwortung bewosst ass. Mir beleeën dést mat Akten, sief et am Sécherheitsrot zu New York wéi um Terrain an Entwécklingsprojekten am Mali, am Laos oder Ni-